

# Tätegkeetsbericht

# 2015

*Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl.*

Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

*Mäerz 2016*

## Virwuert vum President

### D'EBL 2015

Et ass Zäit fir de Bilan ze maachen vun engem ereegnesräiche Joer 2015.

2015 war d'Joer vun der Klimakonferenz zu Paräis. D'COP21 war e Meilesteen a Richtung vun engem globale Klimaofkommes a wou ech d'Gefill hunn datt déi mécht Politiker verstanen hunn, datt de Mënsch mat sengen Aktivitéiten ee wichtege Faktor vun der Klimaerwäermung ob eisem Planéit ass an datt si et an der Hand huet fir d'Klimaerwäermung ze stoppen. D'COP21 huet och gewisen, datt e Land wéi Lëtzebuerg an der grousser internationaler Politik e gewiichtegt Wuert matzeschwätzen huet a Weiche ka stellen. D'Verhandlungsgeschéck vun eiser Ëmweltministesch ass an deem Kader ervirgehuewe ginn an ech schléisse mech dëser Positioun un.

2015 war a punkto Klima besonnesch um kommunale Plang och e Meilesteen. 4 lëtzebuerger Gemengen si fir hir laangjäreg Engagementer am Beräich vum Klimaschutz mam European Energy Awarg Gold ausgezeechent ginn. Mä och vill aner Gemengen, déi dee Seuil nach net erreecht hunn, mä en erreeche kënnen, hu gewisen, wéi innovativ um kommunale Plang geschafft gëtt am Beräich Energieaspuerung, Mobilitéit, Beschafung a Kollaboratioun a wéi gudd d'Gemengen opgestallt si, fir sech Strategien a Leitbiller ze gi, fir eng nohalteg Entwécklung unzestriewen an och konkret um Terrain ëmzesetzen.

An d'EBL an deem Ganzen? Ma ech woen ze behaapten, datt d'EBL mat dofir verantwortlech ass, datt esou vill Gemenge fit si, fir déi do Erausfuerderungen iwwerhaapt unzegoen. Zënter ville Jore bidd d'EBL de Gemenge Weiderbildungen, wichteg Hëllefsstellungen a Form vun Handbicher, Formulairen, Séminairen a Konferenzen un, a bidd eng Austauschplattform, wou ee Wëssen an Iddië kann erabréngen, awer och ufroen. All dëst si wichteg Baudeeler, ouni déi d'Gemengen haut net esou gutt do géinge stoen. Duerch d'Gemenge, mat hirem Initiativgeescht an hirem Engagement a konkrete Réalisatioune konnt eis Regierung virweise, wéi et ka goen, fir sech ambitiéis Ziler ze setzen a wéi een dës och kann ëmsetzen. Vill Gemenge si Member bei der EBL a notzen d'Angebot vun der EBL. Deemno kann ee roueg behaapten, datt d'EBL e wichtegen Akteur ass, dee maassgeeblech dru bedeelegt ass, datt Lëtzebuerg a seng Gemengen sech esou flott no bausse kënnen duerstellen.

Mir hunn am Laf vum Joer a net zulescht an engem EBL-Talk och de Lien gemaach an opgewisen, datt Klimaschutz nët nëmmen Energiepolitik ass, mä wäit doriwwer erausgeet. Stadentwécklung, Ëmweltschutz, Naturschutz, Waasserschutz a nohalteg Forst- a Landwirtschaft sinn och Klimaschutz. All dës Beräicher gi vun der EBL thematiséiert, an all deene Beräicher si mer implizéiert a bidden Hëllef un a weise Weeër, wéi een aktiv ka ginn. De Spektrum deen d'EBL ubidd gëtt ëmmer méi grouss.

Et ass eis am Laf vum Joer kloer ginn, datt mer, fir alles kënnen ofzedecken, eis Équipe dauerhaft musse verstäerken. Ech si frou, datt mer an den Diskussioune mat der Ëmweltministesch an dem Staatssekretär am Ëmweltministère 2 Partner fonnt hunn, déi dëst genausou erkannt hunn a sech

bereet erkläert hunn, eis déi néideg finanziell Mëttel zur Verfügung ze stelle, fir nieft dem Nils Leches an dem Michel Wilwert dann och d'Aline Schaltz kënne fest ze engagéiere mat enger Tâche vu 60%.

Doniewt ass aus de Gespréicher mat béide Regierungsmemberen d'Decisioun hirgeleet ginn, déi mer an der leschter Generalversammlung konnten huele, fir och d'Klimaberoder am Schouss vun der EBL opzehuelen an hinnen esou d'Méiglechkeet ze ginn, d'Weiderbildungen, d'Séminairen an den Austausch, deen d'EBL ubidd, kënnen ze notzen an ob d'Servicer vum Personal kënnen zréckzegräifen. Natierlech bréngen d'Klimaberoder och hire Background mat an d'EBL a mir alleguer kënnen esou eisen Horizont erweideren, wat schlussendlech erëm de Gemengen zegutt kënnt. Logesch Konsequenz dovun, datt mer eis opgemaach hu fir d'Klimaberoder, war natierlech, datt mer och ee vun den externe Klimaberoder gefrot hu, fir bei eis am Komitee matzehëllefen. Ech si frou, datt an der Persoun vum Martine Schummer, eng engagéiert Klimaberoderin, eise Komitee verstäerkt an doduerch och de breede Spektrum un Themen, déi mir wëlle behandele, vu méi Schëllere ka gedroe ginn.

Déi Dynamik déi mir 2015 kannt hunn, huet eis och vill nei Membere bruecht, 5 nei Gemengen a 7 Privatmembere konnte mer am Laf vum Joer nei ophuelen. Sou kann et weidergoen. Dir wäert och am kommende Joer gesinn, datt eis d'Iddië net ausginn, datt mer weider dru schaffe, fir de Gemengen esou vill ewéi méiglech u Material, Wëssen an ausgeschaffte Projetë kënnen unzebidden, datt se matgerappt a begleet ginn op hirem Wee zu enger nohalteger a klimaneutraler Entwécklung. Eis dräi Mataarbechter si ganz innovativ an hu Freed un hirem Job, dat spiert een, dofir hu mer eis als Komitee och engagéiert fir hir Kontrakter esou unzepassen datt se och um finanzielle Plang eng Perspektiv hunn. Dëse Punkt loung eis scho méi laang uewen, mä eréischt duerch den exzellente Kontakt mat de jëtzege politesch Responsabelen am Ëmweltministère konnte mer do en Duerchbroch kréien.

Et bleiwt mer zum Schluss eisen dräi Mataarbechter en décke Merci ze soe fir hiert Engagement an d'Akzeptanz fir sech a ville Beräicher anzeschaffen a Verantwortung ze iwwerhuelen. D'EBL ass a ville Gremien täteg via eis Mataarbechter a bal iwwerall ass et d'EBL déi d'Koordinatiounsaarbecht mécht. Dëst ass nëmme méiglech, wann ee Mataarbechter huet, déi Spaass un deem hu wat se schaffen. Natierlech wëll ech och all de Membere vum Komitee Merci soen. Hiren Asaz ass en Asaz niewt hirer normaler Aarbecht. Si all si staark an hirem Job agebonnen a fannen trotzdem Zäit fir sech bei der EBL ze engagéieren. Dofir brauch een e gudde Pak Motivatioun an de Wëllen, eppes méi ze maachen, ewéi dat wat néideg ass. Ech wëll all de Komiteesmembere fir hiert Engagement en décke Merci soen.

Guy SPANIER
*Président vun der EBL a.s.b.l.*



# D'*Emweltberodung Lëtzebuerg* a.s.b.l.

## Wat sinn d'Aufgabe vun der EBL?

**Mir sinn…**

- Neutralt Berodungsorgan fir Ëmweltfroen op Gemengeniveau
- Réseau vu kommunalen a privaten Ëmwelt- a Klimaberoder
- Wichteg Austauschplattform am Ëmwelt- a Klimaschutzberäich
- Interessevertriedung vun de kommunalen Ëmwelt- a Klimaberoder
- Stëmm an diversen Aarbechtsgruppen oder anere Gremien
- Partner vu ville privaten an ëffentlechen Akteuren

**Mir maachen…**

- Organiséiere vu Weiderbildungen, Infoveranstaltungen an Exkursiounen
- Ausschaffe vun innovative Pilotprojeten, Publikatiounen an Aarbechtshëllefen
- Schafe vun engem intensiven Austausch vun Erfahrungen an Iddiën tëscht de Gemengen
- Ënnerstëtzung beim Schafe vun engem Ëmweltservice a beim Astelle vun engem Ëmweltberoder an Hëllef fir Jonker beim Eraklammen an de Beruff
- Fördere vun der interkommunaler Zesummenaarbecht an deenen ënnerschiddlechsten Domainer, wéi e.a. am Naturschutz, bei der Waassergestioun, am Energieberäich, an der Offallwirtschaft, der Stadplanung, der Mobilitéit oder bei enger nohalteger Beschafungspolitik.

**Nei Impulser bei der Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.:**

- Säit der Generalversammlung am Mäerz 2015 sinn och déi gemengenintern an -extern Klimabderoder offiziell an de Statute vun der EBL mat opgeholl. Enn 2015 si 7 extern a 5 intern Klimaberoder Privatmember bei der EBL. Zesumme mat de Klimaberoder an de Klimateams wëll d'EBL an de kommende Joeren déi nei (finanziell) Méiglechkeeten an de Gemengen notze, fir konkret Projeten ëmzesetzen an d'Bierger aus de Gemenge fir Ëmweltthemen ze sensibiliséieren. Zu dësem Zweck gouf eise Conventiounsbudget mam MDDI erhéijt, esou dass mir dem Aline Schaltz, wat scho säit engem gudde Joer deelzäit matt engem befristete Kontrakt fir d'EBL schafft, ab dem 1. Januar e feste Kontrakt kënnen ubidden (24 Stonnen / Woch).

# D'EBL a seng Memberen – e staarkt Team

D'EBL gett geleet vun engem **Comité**, deen zum 31. Dezember 2015 aus 8 Leit bestoung, woubäi 1 Persoun cooptéiert gouf a nach vun der AG muss bestätegt ginn. Sechs vun eise Comitésleit schaffen als kommunal Ëmweltberoder, resp. –beoptragten. Béi deenen zwee aneren handelt et sech ëm extern Klimaberoder déi och scho virdrun duerch hire Beruff intensiv mat Gemengen zesummegeschafft hunn :

- President: **Guy SPANIER (Ëmweltberoder Gemeng Schéffleng)**
- Vize-President: **Luc FRIEDRICH (Ëmweltberoder Gemeng Miersch)**
- Sekretär: **Pierre SCHMITT (Ëmweltbeoptragte Stad Lëtzebuerg)**
- Trésorier: **Jos MATHIEU (Ëmweltberoder Gemeng Suessem)**
- Comitésmember: **Max KLEIN (Ëmweltberoder Gemeng Réiser)**
- Comitésmember: **Estelle ROTONDANO (Ëmweltberoderin Gemeng Monnerech)**
- Comitésmember: **Klaus GRÖLL (IGLux GmbH)**
  **+Klimaberoder Récken un der Mess**
- Cooptéiert: **Martine SCHUMMER (Schroeder & Associés SA)**
  **+Klimaberoderin Remeleng, Luerenzweiler, Monnerech, Bettenduerf**

Déi zwee Mataarbechter **Michel WILWERT** a **Nils LECHES** (32 Stonnen/Woch) si fest ugestallt a leeden d'Dagesgeschécker vun der EBL. Ab dem 1. Januar 2016 wäerten si längerfristeg Ënnerstëtzung vum **Aline SCHALTZ** kréien, dat da matt engem CDI fir 24 Stonnen/Woch och fest agestallt gett. D'Aline gouf am Dezember 2014 fir d'éischte Kéier temporär fir 3 Méint agestallt fir eenzel Iwwerleeungen am Kader vum Klimapakt ze realiséieren. Dës temporär Astellung gouf bis Enn Dezember 2015 verlängert a kann ab 2016 duerch e feste Kontrakt ersat ginn, well de Conventiounsbetrag vum MDDI erhéijt gett.



Michel WILWERT


Aline SCHALTZ


Nils LECHES

Mir kruten am Joer 2015 dann och 5 Gemengen als Member dobäi: Kayl, Réimech, Duelem, Dippech a Jonglënster. Soumadder zielt d'EBL Enn 2015 **32 Gemengen** zu hieren Abonnenten, an deenen iwwer 65% vun der Bevëlkerung wunnen. Doniewt huet d'EBL zum 31. Dezember 2015 **38 Privatmemberen** (+7 par rapport zu 2014) an **11 weider Member-Organisatiounen** (idem par rapport zu 2014).

| **Membergemengen** | | |
|---|---|---|
| BECKERICH | KAYL | SANEM |
| BETTEMBOURG | LINTGEN | SCHIFFLANGE |
| BETZDORF | MAMER | SCHUTTRANGE |
| BISSEN | MERSCH | STEINFORT |
| CONTERN | MONDERCANGE | STEINSEL |
| DALHEIM | MONDORF-LES-BAINS | VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE |
| DIEKIRCH | NIEDERANVEN | VILLE DE DIFFERDANGE |
| DIPPACH | PETANGE | VILLE DE DUDELANGE |
| GREVENMACHER | REMICH | VILLE DE LUXEMBOURG |
| JUNGLINSTER | ROESER | WALFERDANGE |
| KÄERJENG | RUMELANGE | |



| Privatmemberen | | |
|---|---|---|
| BAUER Doris | KETTEL Lynn | SCHLICHER THOMAS |
| BECKER Tom | KIEFFER Gérard | SCHMIT Guillaume |
| BONBLET Lea | KLEIN Max | SCHMITT Pierre |
| BRANDENBURGER Brigitte | LABIDI Diane | SCHMITZ Armand |
| CALMES Caroline | LINDEN Claude | SCHROEDER Jeannot |
| CHRISTOPHE Georges | MATHIEU Jos | SCHUMMER Martine |
| FELLENS Frank | MERSCH Jacques | SIMON Christian |
| FRIEDRICH Luc | MINELLI François | SPANIER Guy |
| GRÖLL Klaus | NEU Marc | TELAAR Rainer |
| GROMMES Daniel | PFEIFFENSCHNEIDER Manou | URBANY Guy |
| HARLES Aloyse | REUTER Nathalie | WAGNER Jean |
| HENGEN David | ROTONDANO Estelle | WOLFF Bert |
| HOFFMANN Thomas | RUENNENBURGER Thomas | |

| Member-Organisatiounen | | |
|---|---|---|
| IG Lux | Naturpark Our | SIDEC |
| *LIST* | OGBL | STEP |
| Minettkompost | Schroeder&Associés | SuperDrecksKëscht® |
| natur&ëmwelt | SES Astra S.A. | |

# Versammlungen an Aarbechtssëtzungen

| Bezeechnung | Unzuel |
|---|---|
| Comité | 7 |
| Generalversammlung | 1 |
| Entrevue mat der Ministesch Carole Dieschbourg | 1 |
| Ouni Pestiziden | 39 |
| Ech kafe clever | 3 |
| Ecoquartier | 8 |
| Seminarer a Veranstaltungen | 10 |
| Méng Landwirtschaft | 3 |
| Ökoaudit | 21 |
| Zousätzlech Kooperatiounstreffen an Aarbechtssëtzungen | 14 |
| Aktiv Participatioun bei anere Veranstaltungen | 13 |
| Klimapakt | 3 |
| **TOTAL** | **123** |
| | |
| Newsletter | 17 |



# Campagnen an Aktiounen

<u>Ouni Pestiziden</u> *(39 Sëtzungen)*

- ✓ **Präiss Hëllef fir d'Natur** (9. Februar)
- ✓ ***„Semaine sans pesticides“*** (20.-30. Mäerz)
- ✓ **Seminar „Alternativen zum Pestizideinsatz auf öffentlichen Verkehrsflächen“** matt 33 Participant'en um INAP (6. Mee).
- ✓ Aarbechtsgrupp **Ëffentlechkeetsaarbecht**
  - o 29 verschidde Stiechkaarten op 3 Sproochen
  - o Stellungnahm zum Entworf vum Bewirtschaftungsplang Rhein a Maas
  - o Communiqué zum Retrait vu glyphosathaltege Produiten aus verschiddene Geschäfter
  - o Kommunikatiounskonzept fir Gemengen (Draft)
  - o Divers Artikelen (CTF, Gemengebuet, Internet, Zeitung, asw.)
- ✓ Aarbechtsgrupp **Flächenënnerhalt**
  - o Organisatioun vum Seminar um INAP fir Gemengen
  - o Ausschaffe vun engem Konzept fir Merkblätter fir Gemengen + éischten Entworf
- ✓ Aarbechtsgrupp **Saatgut**
  - o Projet Saatgutmëschungen: Zesummestelle vun Aartelëschten, Iwwerpréife vun de rechtleche Méiglechkeeten am Kader vun der existéierender Législatioun, Kontaktéiere vun auslänneschen Akteuren, Ëmfro bei Gemengen
  - o Projet pestizidfräi Zierplanzen (matt n&e + Greenpeace): Estelle vun engem Konzept, Ëmfro bei den interesséierten Akteuren, Kontakt matt méiglechе Produzenten a Keefer, Réunioun matt allen Akteuren
- ✓ Aarbechtsgrupp **Législatioun**
  - o Hëllef beim Erstelle vun der Stellungnahm zum Bewirtschaftungsplang Rhein a Maas
  - o Kontakt matt Verwaltungen wéint Gesetzesupassungen
  - o Ausschaffe vun engem Strategiepabeier: Sans pesticides – Objectif 2025
- ✓ **Kontakt** matt aneren Initiativen (Meng Landwirtschaft, Mouvement écologique, FHL, Greenpeace a natur&ëmwelt, Fredon Lorraine, Pôle wallon de gestion différenciée, BUND)
- ✓ **Délibératioun** „ouni Pestiziden“: 42 Gemenge waren Enn 2015 komplett pestizidfräi
- ✓ **Ausstellung** zum Thema Pestiziden, déi als Roll-up bei der EBL zur Verfügung steet
- ✓ Mëttlerweil hu 16 verschidden Akteuren den Accord de Partenariat als Partner oder Sympathisant ënnerschriwen.



**Ech kafe clever** *(3 Sëtzungen)*

- ✓ Upassung an Aktualiséierung vun der **Kritèreléscht**
- ✓ Konzeptioun vun enger **Sensibiliséierungscampagne** unhand vun engem Gewënnspill
- ✓ Kontakt matt de **Ministèren** an den **Händler**
- ✓ Partner: 3 Ministèren (MDDI – MEN – MS)
  SuperDrecksKëscht, Greenpeace




**Ecoquartier** *(8 Sëtzungen)*

- ✓ Entwécklung vu sechs **Videoen** zu den Themen aus dem Ecoquartier (Raumplanung, Mobilitéit, Energie, Offall, Waasser, Natur a Landschaft).
- ✓ **Inhaltlech Komplettéierung** vun den Themeberäicher
- ✓ **Uniformiséierung** vun den Texter
- ✓ **12 Gemenge** notzen den Ecoquartier



# Seminarer a Veranstaltungen

Seminar „ L'accès à l'information environnementale" (26/02/2015)



- Themen: *Rechtlech Quellen zum Thema, Definitioun vun enger Ëmweltinformatioun a wéi ginn ech praktesch fir, fir eng gewëssen Informatioun ze kréien? Wat maachen am Fall vun enger Informatiounsverweigerung?*
- Riednerin: *Carole Biot-Stuart (ALDE)*

➢ **14 Participanten**

Seminar „Energiespueren a Gebaier I – Ëffentlech Verwaltungen als Energiespuermotor" (03/03/2015) (INAP)



- Themen: *Grondlagen zum Energieverbrauch, Technesch Mesuren, „Menschlech" Mesuren*
- Riedner: *Hubert Grobecker (e&u Energiebüro Bielefeld)*

➢ **20 Participanten**

Seminar „ The world on a map – Emweltkadaster fir Gemengen" (12/03/2015)



- Themen: Kadaster a geografesch Informtiounssystemer, Kadaster/GIS als Planungshëllef fir d'Stad Lëtzebuerg, Solarkataster Beetebuerg, Masterplang Beliichtung vum ëffentleche Raum vun der Gemeng Suessem, Wandkadaster, GIS-baséiert Entscheedungssystemer zur Abezéiung vu Kadasteren an di intégréiert Stadplanung.
- Riedner: *Julien Bertucci – Directeur COCERT S.A., Sascha Rohner – coordinateur de service LUXPLAN, Germain Breger – ingénieur directeur adjoint, direction du géomètre, VILLE DE Luxembourg, Josée Lorsché – première échevine AC BETTEMBOURG, Fernand Heischbourg – responsable du service projets AC SANEM, Julien Bertucci – Directeur COCERT S.A., Ulrich Leopold – LIST*

➢ **17 Participanten**

Seminar „Energiespueren a Gebaier II – Opbaucours: Praktesch Uwendungen" (19/03/2015) (INAP)



- Themen: *Erfaassung vum Energieverbrauch – Erfahrungsaustausch, Temperaturen an zouene Räim – Heizungsregelung, Verhalensännerunge bei de Notzer – Kommunikatiounsmodeller.*
- Riedner: *Hubert Grobecker (e&u Energiebüro Bielefeld)*

➢ **20 Participanten**

Seminar „Energiespueren a Gebaier III – Begehung vun engem Gebai (Schëffleng)" (26/03/2015)



- Themen: *Miesstechniken (Temperaturmiessung, Fiichtemiessung, Liichtmiessung, Stroummiessung, Wasserduerchflossmiessung) + konkret Ëmsetzung sur place.*
- Riedner: *Hubert Grobecker (e&u Energiebüro Bielefeld)*

➢ **11 Participanten**

**Seminar „Energiespueren a Gebaier IV – Effizienten Energiemonitoring fir Gemengen“** (28/04/2015) (INAP)



- Themen: *Monitoringsystemer, Software, Notzung vu Monitoringtools*
- Riedner: *Guy Spanier*

➢ **11 Participanten**

**Seminar „Alternativen zum Pestizidasaz an de Gemengen (Theorie)“** (06/05/2015) (INAP)



- Themen: Méi Natur matt manner Aarbecht, Préventioun a Planung, alternativ Entretien- a Fleegemethoden, Toleranz- a Kommunikatiounsstrategien, puer konkret Uwendungsbeispieler.
- Riedner: Änder Erpelding (Natur a Mënsch sàrl), Jean-Claude Kirpach (ANF), Arno Gutleb (LIST), Pascale Karger (Gemeng Mertzig), Jérôme Gall (Gemeng Déifferdeng)

➢ **29 Participanten**

**Workshop „Kommunikatioun - Wéi erreescht een am beschten de Bierger?** (07/10/2015)



- Themen: Kommunikatiounstechniken, Kommunikatiounsmedien
- Riedner: Jean-Paul Bertemes (Acting Head of Unit – Science in Society)

➢ **6 Participanten**

**EBL-Talk „Klimaschutz mam Klimapakt“** (18/11/2015)




- Themen: *Klimaschutz mam Klimapakt!? – Wéi wäit kann, soll a muss ee goen? Wat schützt eist Klima? Wat verstoppt sech hannert deem abstrakten Terme “Klimaschutz”? Wat sinn d’Gemeinsamkeeten awer och d’Ënnerscheeder zum Klimapakt?*
- Moderator: *Guy Spanier*

➢ **11 Participanten**

**Seminar „Buedemschutz kommunal“** (01/12/2015)



- Themen: *Neophyten op Baustellen und op Verkéiersweeër, Bioverfügbarkeet vu Schwéiermetallen, Buedemschutz duerch gutt Planung a bei Bauvirhaben, Aussiicht op dat geplangte Buedemschutzgesetz.*
- Riedner: *Sophie CAPUS (Ëmweltverwaltung), Christian RIES (MNHN), Arno GUTLEB (LIST), Michael KLEIN (gfl-plan)*

➢ **21 Participanten**

# Weider Aktiounen

## Aarbechtsdokument mat villen Iddië fir de Klimapakt




- Praktescht Dokument dat d'EBL-Aktivitéiten, Aktiounen, Projeten a Campagne beschreift an duerleed, ewéi dës Mesurë konkret kënnen am Kader vum Klimapkt genotzt ginn.
- Zesummenaarbecht mat myenergy

➢ **Ënnerstëtzung vun de Gemenge beim Klimapakt**

## WE MDDI: Öko-Audit fir de Nohaltegkeetsministère




- Konzeptioun vun engem Öko-Audit vum MDDI (Gebai Alcide de Gasperi)
- Deelhuelen u Réuniounen zur Organisatioun vum Gebai
- Kontakt matt externen Organisatiounen fir d'Gestioun vum Gebai (SDK, G4S)
- Duerchféiere vun éischte Mesuren (Begoung matt der SDK)

➢ **Mam gudde Beispill virgoen**

## Quiz zum Thema: „Ëmweltfrëndlecht a gesondheetsschounend Schoulmaterial"




- Neit Online-Quiz zum Thema Schoulmaterial
- Quiz matt 2 Schwieregkeetsstufen a ronn 100 Froen
- Zousazinformatiounen zu all Fro
- Neie Layout a verbesserte Spillmodus

➢ **Bildung fir nohalteg Entwécklung**

## Grouß Botz Miersch an zu Garnech



- Nomëtteg fir d'Kanner no der „Groußer Botz" zu Miersch an zu Garnich
- Infostand vun der EBL
- Ausstellung „Wald und Boden"
- Workshop matt de Kanner zum Thema Buedem

➢ **Ënnerstëtzung vun de Gemenge bei konkreten Aktiounen**

## Participatioun bei der Plattform „Meng Landwirtschaft"



- Participatioun un de Réunioune vum Grupp „Meng Landwirtschaft"
- Sécherstellung vum Lien matt der Campagne „ouni Pestiziden"
- Mataarbecht beim Iwwerschaffe vun der Brochure „Landwirtschaft 2.0"

➢ **Verknëppung matt der Campagne «ouni Pestiziden»**

## Sensibiliséierungscampagne vum MDDI (Pestiziden am Privathaushalt)



- Ausschaffe vun engem Sensibiliséierungskonzept fir Privathaushalter
- Konzeptioun vu Planzesteckkaarte fir ze Verdeelen
- Organisatioun vun enger Pressekonferenz fir d'Presentatioun
- Organisatioun vun engem Kick-off-Event an enger Ofschlossveranstaltung

➢ **Privilegéierte Partner vum Nohaltegkeetsministère**

## Miessgerätekoffer fir Gemengen



- Zesummestellung vun engem Koffer matt Miessgeräter
- Sammelbestellung fir interesséiert Gemengen
- Ee Miessgerätekoffer fir auszeléinen
- Virféierungsgeräter fir bei Seminairen anzesetzen

➢ **Service fir d'Gemengen**

## Hannergrondaarbecht vun der EBL



- Ënnerstëtzung vun de Gemenge beim Ausschaffe vun engem Avis
- Allgemenge Suivi vu legislativen Dossier'en
- Mattwierken an der Gesetzgebung duerch Participatioun un Aarbeschtsgruppen (PNPN, produits phytosanitaires, etc.)
- Ëmfro zum Thema Klimapakt

➢ **Ënnerstëtzung vun de Gemengen**

## Mam Velo op d'Schaff




- D'EBL-Mattaarbechter hu mattgemaach bei der Aktioun MVOS
- 443 Equipen – 373.315 km – 83.156 kg $CO_2$ agespuert
- D'EBL-Equipe „Emweltberiders" huet et op insgesamt 1.502 km bruecht
- Dat sinn 334,57 kg agespuerten $CO_2$

➢ **Virbildfunktion an de Spaass um Velofueren**

# Äre Partner bei Ëmweltfroën

**Emweltberodung Lëtzebuerg (EBL) a.s.b.l**

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

**Telefon:** (+352) 2478 6831 und (+352) 2478 6832
**Telefax:** (+352) 2478 6841

**E-Mail:** info@ebl.lu
Internetseite: www.ebl.lu

**Koordination und Projekte:**
Nils LECHES (leches@ebl.lu)
Michel WILWERT (wilwert@ebl.lu)

Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

Aline SCHALTZ (schaltz@ebl.lu)